

Déi Direktiv ënnerscheet zwëschen Apparater an Installations fixes. Während en Apparat en eenzelne Géigestand ass, deen als solchen och certifiéiert ka ginn, ass eng fix Installatioun eng aus verschidden Deeler zesummegeسات Anlag, déi zudeem permanente Verännerungen ënnerleie kann an déi duerfir no anere Regelen a Prozedure certifiéiert muss ginn, wéi dat beim eenzelnen Apparat de Fall ass.

Dëse Projet de loi définiéiert déi wesentlech technesch Ufuerderungen - Exigences essentielles -, deenen elektresch Geräter an Anlagen entspriechen müssen. Doniewent gëtt mat deem Projet de loi och eng Vereinfachung vun den administrative Prozedure virgeholl, well an Zukunft net méi zwangsleefeg en drëtten Organismus ageschalt muss ginn, fir e Gerät oder eng Installatioun ze certifiéieren.

Mat deem Projet de loi soll awer och d'Traçabilité vum Fabrikant, also d'Spueresécherung vun esou Apparater an Anlage verbessert ginn; wat och e Virdeel ass, well d'Iwwerwachung vum Maart doduerch vereinfacht gëtt.

De Projet de loi 5684 ass de 14. Februar 2007 vum Wirtschaftsminister an der Chamber hannerluecht ginn. Den 11. Oktober 2007 huet d'Ekonomieskommissioun hire President Alex Bodry als Rapporteur genannt. Den 13. März huet d'Chambre de Commerce hiren Avis ofginn, an d'Chambre des Métiers den 2. September 2008. Béd Beruffschamberen hunn de Projet grondsätzlich positiv bewäert.

Am éischten Avis allerdéngs vum Conseil d'État, datéiert vum 1. Abrëll 2008, huet de Statsrot eng ganz Rei vun Oppositions formellen formuléiert. An déi hu betrafft: éischens déi feelend Präziséierung vun de Mesuren, déi den ILNAS am Rahme vu senger Kontrollaktivitéit ergräife kann; zweetens d'Zesummespill vun dësem Projet de loi mat deem Projet, deen an der Tëschenzäit zum ILNAS-Gesetz ginn ass, wat den ILNAS duerch d'Gesetz reell geschaf huet op dem Niveau vun de penalen an administrative Sanktiounen; dann eng aner Opposition formelle iwwert d'Fro vun der Veröffentlichung vun den technesch Normen am Mémorial - wat iwwerengs eng Remarque ass, déi de Statsrot regelméisseg dann, wa se ubruecht ass, och esou mécht -; an eng weider Opposition formelle betrëfft déi geplangte Retroaktivitéit vum Gesetz.

Den 18. Juni 2008 huet d'Kommissioun eng éischt Serie vun Amendementer ugeholl, déi de 25. November vum Statsrot aviséiert gi sinn, mä de Statsrot hat dann nach ëmmer eng Beanstandung a Bezuch op déi virgesi Sanktiounen, sou dass d'Kommissioun den Text den 1. Dezember eng zweete Kéier huet missen amendéieren. Den zweeten Avis complémentaire, deen den 19. Dezember koum, ass schlussendlech da positiv ausgefall.

Den 22. Januar dëst Joer konnt de schrëftleche Rapport an der Kommissioun ugeholl ginn. Et gouf do nach e Bréifwiesell tëscht der Chamber an dem Statsrot fir zwee materiell Feeler ze behiewen, mä och dat ass an d'Rei gaang. An esou kann ee soen, dass no ganz villem Hin an Hier mer elo um Punkt sinn, fir dee Projet de loi ofzestëmmen.

D'Kommissioun schléit der Chamber vir, deen Text, an där Form wéi e virläit, unzehuelen. D'LSAP wäert dat op jidde Fall maachen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Castegnaro. D'Fraktiounen, gesinn ech, sinn alleguerte mat den Ausféierung vum deenen zwee Rapporturen - deene vun deem, deen de schrëftleche Rapport gemaach huet, an deene vum Här Castegnaro - d'accord. Den Här Berger freet nach d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Eugène Berger (DP).** - Pardon, Här President. Ech wollt och nach eng Kéier dem Ersatzrapporteur hei Merci soe fir säin ausféierleche Rapport. Et ass eng ganz komplex Matière. Hien huet sech schnell do erageschafft. An ech mengen, hien huet e bessere Rapport gemaach wéi den Här Bodry dat jee hätt kënne maachen. Mir bedauern e bëssen, datt mer an Zukunft net méi kennen op déi Kompetenz hei wäerte kennen zréckgräifen.

Mä dat gesot géif ech awer den Accord vun der demokratescher Fraktioun hei erabrénge.

» **M. le Président.** - Merci, Här Berger. Dann huet d'Madame Hetto d'Wuert.

» **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir

Hären, ech fänken nach eng Kéier d'selwecht u wéi elo éineschter, nämlech andeem ech dem Rapporteur Här Bodry villmools Merci soe fir säi schrëftleche Rapport an dem Här Castegnaro och fir déi mëndlech Explikatiounen.

Bei dëser Direktiv, déi mer an d'nationaalt Recht ëmsetzen, geet et wéi gesot ëm déi elektromagnéitesch Verträglechkeet vun deene verschiddensten Apparater, déi mer an eise Butteker ze kafe kréien. Mat dëser Direktiv soll verhënnert ginn, dass beim Betrieb vun elektreschen oder elektroneschen Apparater aner Apparater oder och Funkan Telekommunikatiounsanlagen an hiren Funktioun gestéiert ginn. Mat dëser Direktiv gëtt deemno séchergestallt, dass dës Apparater ënnereneen elektromagnéitesch verträglech sinn.

Wat heescht dat elo konkret? Majo, e Beispill: Wann ee sech doheem eppes a senger Mikrowell wëllt preparéieren, dann ass ganz einfach garantéiert, dass duerch de Betrieb vun dëser Mikrowell dem Noper seng Televisioun net duerch elektromagnéitesch Strahlungen an hirem Fonctionnement gestéiert gëtt.

Dat heescht awer och, dass weder de Polizeifunk nach de Funkverkéier tëscht dem Tower an de Fligere duerch aner elektresch Quelle gestéiert ginn. Bei dësem Beispill gesäit een am beschten, firwat et um europäeschen Niveau zu enger Harmoniséierung vun den Norme kënnt, déi mussen applizéiert ginn, fir dass et net zu elektromagnéitesche Stéierungen bei verschiddenen elektreschen Apparater kënnt.

Déi betreffen Apparater mussen duerfir dëser Direktiv entsprechen, ier se op de Marché kommen. D'Konformitéit zur Direktiv gëtt duerch déi CE-Kennzeechnung och séchergestallt. D'Produzente vun elektroneschen Apparater kréie méi eng grouss Eegeverantwortung, well si selwer mussen entscheeden, ob hir Produiten den CE-Label verdéngen an domadder och kënnen op de Marché bruecht ginn, oder och net.

Deen zweete wichtege Punkt vun dëser Direktiv betrëfft de fräien Handel vu Wuere. Den europäesche Bannemaart soll nämlech heimadder och weiderhi verstärkt ginn. En Apparat, deen an iergendengem Land an der EU verkaf däerf ginn, kann duerch dëst Gesetz ouni weider administrativ Prozeduren oder zousätzlech Iwwerprüewungen och bei eis am Land verdréiwte ginn. Kee Land ka verhënneren, dass e Produit bei sech am Land op de Maart kënnt, soulaang eben d'Dispositiounen an och d'Konditiounen vun der Direktiv erfëllt sinn. Dëst ass besonnesch wichteg fir exportorientéiert Ekonomien. An dëst kënnt och sécherlech verschiddene vun eisen Entreprises entgéint.

Dat gesot, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soen lech alleguerte Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Hetto. Mir kommen dann, Dir Dammen an Dir Hären, zum Vote iwwert de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5684 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur (par Mme Colette Flesch), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann, Dir Dammen an Dir Hären, zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat sinn d'Konten vun der Chamber fir d'Joer 2006. Rapporteur ass hei den honorabelen Här Gira. Här Gira, ech bieden lech.



7. 5989 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2006

Rapport de la Commission des Comptes

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG), rapporteur.** - Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn dann d'Éier, hei am Numm vun der Kontekommissioun lech de Rapport virzustellen iwwert d'Konten vun dësem héijen Haus vum Joer 2006.

Wann ech elo gesinn, dass mer eigentlech nach fréi am Nomëtteg sinn, kéint ech mer jo eng Freed maachen, lech déi dosenden an honnerte Chifferen hei ëm d'Oueren ze schloen,...

(Interruptions)

...mä keng Angscht, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll weder lech nach mech langweilen. Dir kënnt all déi Chifferen ganz gären am Rapport noliesen,...

(Interruptions)

» **Une voix.** - Dat hu mer gemaach.

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG), rapporteur.** - ...an duerfir wäert ech mech op eng Rei allgemeng Bemierkunge beschränken.

Dir sot lech vläicht: 2006, dat ass awer scho laang hier. Dat war dach eigentlech d'lescht Jorhonnert, jiddefalls, wa mer vum Beräich Finanzen a Finanzkris schwätzen.

Ech wëll just dozou soen, dass dat weder d'Schold ass vun dëser Kommissioun nach d'Schold ass vun der Chamber u sech, a scho guer net d'Schold vum Kontabilitéits-service vun der Chamber, mä éischer dem Réviseur d'entreprises seng, dee relativ laang Zäit gebraucht huet fir eis Konten ze analyséieren, mä e krut e relativ gepefferte Bréif vum Bureau. E soll wann ech gelift derfir suergen, dass mer fir d'Konten vum 2007 net esou laang brauchen ze waarden. Et ass geplangt, dass mer déi nach héchstwahrscheinlech virun de Wahlen wäerten hei verabschieden. An et soll gekuckt ginn, dass mer bis Enn vun dësem Joer souguer schonn d'Konten vum 2008 kënne verabschieden. Also nach eng Kéier, et treëft sécherlech keen an dësem Haus eng Schold dofir.

Zu dem Bilan kann ech soen, dass mer Enn 2006 am Aktiv an am Passiv ronn 14,7 Milliounen haten. Aus dem Kont vu Revenus et charges gesitt Der, dass mer fir d'Joer 2006 net manner wéi dräi Milliounen Euro Boni gemaach hunn. Mir haten dann um Enn vum 2006 effektiv Reserve vun 12,7 Milliounen op der héijer Kant. Do hu mer eng Zäit an der Kommissioun doriwwer diskutéiert, ob dat da Sënn géif maachen, wa vläicht den État central muss Sue léine goen, ob et da sënnavoll ass, dass d'Chamber hei 12,7 Milliounen Euro op de Spuerbicher an op soss Konten stoen huet - hoffentlech net op méi toxesche Produiten.

» **Une voix.** - Keng Suerg! Keng Suerg, Här Gira.

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG), rapporteur.** - Do krute mer verséichert, dass dat net de Fall wär.

Här President, mir hätten eis dat och net kënne virstellen. Mä déi Fro war sécherlech berechtigt.

Mir waren awer no enger längerer Diskussioun och mam Greffe zesummen der Meenung, dass et awer net schlecht wier, wann dëst Haus eng gewësse Mouk hätt, fir, wann eng Kéier Renovatiounsarbechten an d'Haus stinn, wéi dat zum Beispill elo eng Kéier de Fall war, wéi geplënnert ginn ass, wa Saachen awer ufalen, déi vläicht net geplangt waren.

Den Här Fayot weist mech dorop hin an ech selwer sinn och Demandeur, dass endlech eppes mat deem Teppech hei geschitt, da si mer net fir all Euro an all Cent op de Stat an iergendeng Verwaltung ugewisen.

A wa sech muer vläicht d'Geleeënheet bitt, fir en Appartement oder soss en Haus an der Géigend ze kafen, dann hu mer genuch op der Säit fir dat ze maachen, sou dass mer awer all der Meenung waren, dass déi Mouk net schlecht wär.

Mir hunn awer gläichzäiteg de Bureau drop higewisen, dass mer an Zukunft awer elo net nach mussen méi opstocken. Mat 12,7 Milliounen Euro kann ee jo och schonn déi eng oder aner Wunneng kafen, besonnesch zu dësen Zäiten, wou d'Präisser éischer erofginn.

(Interruption)

Jo, hoffentlech e besseren Teppech wéi deen heiten.

(Interruptions)

Wat jo ëmmer spannend ass, dat ass, wann een en Exercice mat anere vergläicht, an awer och de Budget mam Kont vergläicht. Ech mengen, an deenen zwee Tableaue kënnt d'Chamber eigentlech gutt ewech a ka par rapport zur Regierung soen, dass mir wirklech zënter Jore schonn hei ganz haushälteresch managen.

Mir hunn 2006 par rapport zu 2005 nëmmen 2,84% méi gebraucht. A wann ech lech awer soen, dass eng Index-Tranche erfall ass, da mengen ech hu mer eis fir de Rescht gutt ugestrengt.

D'Dépenses effectives vun 2006 ware par rapport zum Budget net manner wéi 10,5% méi niddreg wéi dat, wat eigentlech geplangt war. Bon, dat kann een och op eng Manéier erfreenlech gesinn, an op déi aner Manéier kann een awer och soen: Ass dann do net de Budget ze héich gestallt? Effektiv war deen een oder aneren Informatiksprojet nach net ofgeschloss, respektiv waren do Firmaen, déi nach net all hir Flichten erfëllt haten, sou dass dat d'Erklärung dofir ass.

Ganz schnell eng Kéier duerch déi eenzel Sektionen. D'Sektioun A, dat sinn d'Députéierte mat 9,6 Milliounen Euro. Dat ass sécherlech e ganz zolitte Batz mat de Paien an d'Jeton-de-présencen.

Dann an der Sektioun B - Institutions parlementaires internationales - ass et kee Wonner, dass mer par rapport zum Joer virdu vill manner Sue gebraucht hunn. Et muss ee vläicht dorun erënneren, dass 2005 sechs Méint d'Présidence zu Lëtzebuerg war an do natierlech méi Aktivitéite vun der Chamber och waren, wéi dat dann natierlech dat Joer hannendrop de Fall war.

D'Sektioun C - Groupes politiques -, do ass sécherlech eng Ännerung, well zënter dem 1. Mee 2006 den Här Jaerling net méi Member ass vun der ADR-Grupp an domat d'ADR och net méi Groupe parlementaire ass. Doduerch sinn natierlech eng Rei finanziell Émtässelunge komm am Kontext vun den Iwwerweisung vum souwuel den Här Jaerling wéi fir d'ADR och.

(Interruptions et hilarité)

Ech zielen hei keng Detailer, Här Gibéryen, keng Angscht.

(Interruptions)

Skctioun D - d'Personal -: 5,4 Milliounen Euro. Ech muss all Kéiers erëm hei drop hiweisen, dass mer wirklech eng ganz kleng Verwaltung si mat am Ganze 56 Fonctionnaires. Dir gitt net vill staatlech Verwaltungen eleng sichen, déi esou kleng sinn. Als Verglach, ech mengen, wann ech gutt informéiert sinn, eleng beim Statec schaffen duebel esou vill Leit wéi eleng an eiser ganzer Chamber. Dat heescht, et kann een awer ëmmer erëm doriwwer nodenken, wa mer tant soit peu e Géigegewicht zur Exekutiv wëllen duerstellen, ob mer net awer mussen dorun denken, lues a lues eist Personal och e bësse méi opzestocken.

Dann d'Sektioun E - Administratioun -, mat 5,1 Milliounen, wou ee gesäit, dass ëmmer méi de Pabeier verschwénnt an op där anerer Säit d'Supports électroniques kommen. Ech mengen, et muss een dem Bureau an dem Greffe wirklech e Kompliment maachen. Wa mer an engem Domän, mengen ech, mam Exekutiv kënne mathalen, dann ass dat wirklech am ganzen Informatiksberäich. De Site vun der Chamber ass exemplaresch souwuel fir eis an eis Mataarbechter a Mataarbechterinnen, déi mussen domadder schaffen, mä awer och fir déi Leit, déi vu bausse wëllen eppes recher-

chéieren. Ech mengen, do kéint wierklech nach déi eng oder aner staatlech Administratioun sech nach e Stéck erofschneiden.

Dat, wat hei opfällt als extraordinär Dépense, ass natierlech dat ganzt Geplënners, wat awer mat ronn 350.000 Euro an de Budget niddergeschloen huet. Dat war net wéineg, wat do huet misse gemaach ginn.

Da schlussendlech de Compte rendu mat 1,2 Milliounen, wou mer och wëssen, dass mer ganz ferm ëmgestallt hunn, zënter dass et d'Chamber TV gëtt. An ech mengen, wann ee kuckt, dee Produit, deen haut mat den Dageszeitunge relativ séier no de Séancen erausgeet, ass och wierklech vill besser wéi dat, wat mer viru Jore gemaach hunn, an ass nach vill méi bëlleg.

Sou dass mer als Konklusioun, Här President, als Kontekommissioun - an nodeem mer duerch den eppes spéiden, mä awer trotzdem agetraffene Bericht vum Réviseur d'entreprises och nach bestätegt kritt hunn, dass keng Onregelméissegkeeten an deem Haus hei geschitt sinn - selbstverständlech näischt anescht kënne maachen, wéi lech

recommandéieren, dëse Rapport unanime unzehuelen an déi Resolutioun och ze stëmmen, déi seet, dass eben d'Kontekommissioun d'Konte vun 2006 approvéeiert an de President biet, se eriwwer bei d'Cour des Comptes ze schécken.

Résolution

Finale^{ment} la Commission des Comptes déclare qu'en exécution du mandat lui conféré par l'article 164 du règlement de la Chambre des Députés, elle a examiné les comptes de la Chambre pour l'exercice 2006.

Elle certifie la régularité de la comptabilité et des comptes annuels clôturés au 31 décembre 2006.

En conséquence, elle propose à la Chambre d'approuver les comptes tels qu'ils sont présentés dans le présent rapport et de voter la résolution suivante:

«La Chambre des Députés;

vu le rapport de sa Commission des Comptes, approuve les comptes de l'exercice 2006 et prie son Président de transmettre la présente résolution et le rapport de la Commission des Comptes à la Cour des Comptes pour y être enregistrés.»

Ech wëll awer net ofschléissen ouni ganz häerzlech Merci ze soen, de Leit generell aus dem Greffe, mä virun allem deenen aus dem Service Comptabilité, déi net nëmmen

d'ganzt Joer iwwer eng exemplaresch Aarbecht maachen, mä selbstverständlech och de Gros vun dësem Rapport geschriwwen hunn.

Merci villmools.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Gira. Sou wéi de Camille Gira dat proposéiert huet, stëmme mer of iwwert déi Resolutioun, déi - denken ech - ausgedeelt ginn ass an déi folgende Wuertlaut huet:

Mir stëmmen of.

Vote

D'Resolutioun ass eestëmmeg ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen, bei kenger Abstentioun a kenger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Norbert Hauptert), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Marc Spautz), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur (par Mme Colette Flesch), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun eisen Aarbechte vun haut. Déi nächst Sitzunge si virgesi fir de 17., 18. an 19. Februar. Dir kritt den Ordre du jour an d'Convocatioun schrëftlech.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.50 heures)

Sommaire des séances publiques Nos 25, 26, 27 et 28

4909 - Proposition de loi sur l'euthanasie et l'assistance au suicide	
- Rectificatif du discours de Mme Marie-Josée Frank (CSV) remplaçant celui publié à la page 261 du Compte rendu N°8/2008-2009	page 295
5758 - Projet de loi relative à l'obligation scolaire	pages 295-300 pages 300-301
5760 - Projet de loi concernant le personnel de l'enseignement fondamental	page 297 page 300
5759 - Proiet de loi portant organisation de l'enseignement fondamental	page 300
5847 - Projet de loi portant modification	
1) de la loi du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques; b) la création d'un Centre de Technologie de l'Éducation; c) l'institution d'une Commission d'Innovation et de Recherche en Éducation;	
2) de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques;	
3) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État	
Déclaration de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, sur la situation à Gaza, suivie d'un débat	
5144 - Projet de loi contribuant au rétablissement du plein emploi et complétant:	
1. le livre V du Code du Travail par un Titre IX nouveau	
2. l'article 631-2 du Code du Travail	pages 310-318
5973 - Projet de loi	
1) portant modification de l'article L.511-12 du Code du Travail	
2) dérogeant, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L.511-5, L.511-7 et L.511-12 du Code du Travail	
5886 - Projet de loi portant	
1. introduction d'un congé linguistique	
2. modification du Code du travail	
3. modification de la loi du 19 août 2008 relative aux aides à la formation-recherche	
pages 320-324	
Question urgente N°3089 de M. Félix Braz relative à la campagne d'information pour les ressortissants des pays membres de l'Union européenne concernant l'inscription sur les listes électorales en vue des élections européennes en juin 2009	
page 324	
5893 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux	
pages 324-325	
Hommage à Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen	
page 325	
Communications	
page 326	
Ordre du jour	
page 326	
Vérification des pouvoirs et assermentation de Mme Fabienne Gaul	
page 327	
Composition des commissions parlementaires	
page 327	
Heure de questions au Gouvernement	
Question N°298 du 10 février 2009 de Mme Martine Stein-Mergen relative aux véhicules publicitaires circulant sur la voie publique et entravant la fluidité du trafic, adressée à M. le Ministre des Transports	
pages 327-328	
Question N°299 du 9 février 2009 de M. Fernand Etgen relative au plan sectoriel «Zone d'activités économiques», adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire	
page 328	
Question N°300 du 6 février 2009 de M. Fernand Diederich relative à l'introduction de chèques-services à partir du 1er mars prochain, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration	
page 328	
Question N°301 du 9 février 2009 de M. François Bausch relative à des mesures de ralentissement de la circulation dans la zone de récréation de la forêt du Bambësch, adressée à M. le Ministre des Travaux publics	
pages 328-329	

Question N°302 du 10 février 2009 de M. Jean-Paul Schaaf relative à la population du cor-moran au Luxembourg, adressée à M. le Ministre de l'Environnement

page 329

Question N°303 du 10 février 2009 de M. Robert Mehlen relative aux alentours du Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean, adressée à M. le Ministre des Travaux publics

page 329

Question N°304 du 6 février 2009 de M. Romain Schneider relative à la situation de l'assurance dépendance et plus particulièrement sur le volet relatif aux maisons de retraite et de soins, adressée à M. le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociales

pages 329-330

Question N°305 du 10 février 2009 de Mme Marie-Josée Frank relative aux maisons médicales et notamment d'une extension de l'offre vers la région Est du Grand-Duché, adressée à M. le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale

et

Question N°306 du 10 février 2009 de M. Henri Kox relative au fonctionnement des Maisons médicales et particulièrement en ce qui concerne la couverture des régions rurales, adressée à M. le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale

page 330

Question parlementaire N°2908 de M. Eugène Berger relative au système de contrôle et d'information du trafic sur les autoroutes

pages 330-331

5903 - Projet de loi

a) concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (CE) N°166/2006 du Parlement Européen et du Conseil du 18 janvier 2006 concernant la création d'un registre européen des rejets et des transferts de polluants et modifiant les directives 91/689/CE et 96/61/CE

b) portant création d'un registre national des rejets et des transferts de polluants

c) modifiant l'article 15 de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

pages 331-332

5962 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Croatie, signé à Bruxelles, le 9 juillet 2008

et

5963 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République d'Albanie, signé à Bruxelles, le 9 juillet 2008

pages 333-335

5961 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République portugaise concernant l'échange et la protection réciproque des informations classifiées, signé à Luxembourg, le 22 février 2008

pages 335-336

5837 - Projet de loi relatif aux procédures européennes d'injonction de payer et de règlement des petits litiges et ayant pour objet de compléter et de modifier:

- le Nouveau Code de procédure civile,

- le Code civil,

- la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire,

- la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat

page 336

5860 - Projet de loi relatif à la traite des êtres humains,

(1) portant approbation: (a) du Protocole additionnel à la Convention des Nations Unies contre la criminalité transnationale organisée visant à prévenir, réprimer et punir la traite des personnes, en particulier des femmes et des enfants, ouvert à la signature du 12 au 15 décembre 2000 à Palerme, et (b) de la Convention du Conseil de l'Europe sur la lutte contre la traite des êtres humains, signée à Varsovie, le 16 mai 2005;

(2) modifiant le Code pénal; et

(3) modifiant le Code d'instruction criminelle

pages 336-339

5555 - Projet de loi transposant la directive 92/75/CEE du Conseil du 22 septembre 1992 concernant l'indication de la consommation des appareils domestiques en énergie et en autres sources par voie d'étiquetage et d'information uniformes aux produits

pages 339-340

5684 - Projet de loi relative à la compatibilité électromagnétique

pages 340-341

5989 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2006

pages 341-342